N°145
Entrée le 03.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.01.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Heescherei a senge verschiddene Formen ass am Dezember 2023 e grousst politescht a soziaalt Thema an eiser Gesellschaft gewiescht. Et ass vu Säite vun der Regierung an och eenzele Gemengepäpp dorops higewise ginn, dass virun allem déi organiséiert Heescherei am Zentrum vun de Suergen an de neie Reglementatioune steet. Konkret soll d'Police an dësem Kontext zum Beispill ab Januar an der Stad Lëtzebuerg géint déi organiséiert Heescherei virgoen. An anere Gemenge, wéi zu Dikrech, stinn änlech Iwwerleeunge schonns länger am Gemengereglement. D'Argumenter säitens der Regierung bauen op villen Temoignagen op, déi an dësem Kontext der Stad Lëtzebuerg zougedroen an zougeschéckt gi sinn. Et stellt sech awer d'Fro vun enger statistescher Traçabilitéit vun dëse Fäll.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vun organiséierter Heescherei sinn an de leschte 5 Joer pro Gemeng vun der Police notéiert ginn?
2. Wéi vill vun dësen notéierte Fäll konnte final opgekläert gi pro Gemeng?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°145
Entrée le 27.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madame Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 145 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Mendicité organisée"**

**Fro 1**

Den Tableau hei drënner enthält fir d'Joren 2019 - 2023 déi gesamt Unzuel vu Faiten, déi viséiert si vun den Artikelen 342 bis 347 vum Code pénal, wou d'Police Protokoll erriicht huet, ventiléiert no Gemeng.

| Joer | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|
| Bertrange | 3 | 1 | 2 | | |
| Bettembourg | | 2 | 1 | | |
| Bous | | | | 1 | |
| Clervaux | | | 1 | | |
| Dahlheim | | | 1 | | |
| Diekirch | | 3 | | | |
| Differdange | | | 1 | | |
| Dudelange | | | 1 | 1 | |
| Echternach | | 3 | 5 | | |
| Erpeldange-sur-Sure | 2 | 5 | 2 | | |
| Ettelbruck | 4 | 4 | 1 | 1 | |
| Grevenmacher | | 4 | 2 | | |
| Hesperange | | 4 | 3 | 1 | 3 |
| Kaerjeng | | | 1 | | |
| Kayl | 1 | | | | |
| Luxembourg | 2 | 4 | 1 | 2 | 1 |
| Mamer | | 1 | 4 | | 1 |
| Mersch | 1 | 1 | | | 1 |
| Mertert | | 2 | | 1 | |
| Mondercange | 1 | 1 | | | |
| Mondorf-les-Bains | | 1 | 2 | | |
| Niederanven | | | 1 | | |
| Petange | | | 1 | | |
| Remich | | | 3 | | |
| Roeser | | 1 | 1 | | |
| Schifflange | 1 | 1 | | | |
| Strassen | | 2 | 1 | | |
| Troisvierges | | | | 1 | |
| Wiltz | | 2 | | | |
| Total | 15 | 42 | 35 | 8 | 6 |

**Fro 2**

D'Police  schreift Protokoller, wa se eppes feststellt an de Parquet décidéiert, wei eng Suite gi gëtt.

Laut dem informatesche System vun de Justizautoritéiten sinn an deem uewe genannten Zäitraum 3 Dossieren am Stater Arrondissement judiciaire an 3 Dossieren am Dikrecher Arrondissement judiciaire wéinst "mendicité aggravée" opgemaach ginn. Dobäi ass ze präziséieren, dass 1 Dossier eng ganz Rei vu Rapporten a Protokoller ka beinhalten, sou dass ee vun der Zuel vun den Protokoller net op d'Zuel vun den Dossieren beim Parquet ka schléissen. Dësweideren sinn déi Fäll, wou Mannerjäreger concernéiert sinn, net mat abegraff.

Esou wei an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 170 erkläert ginn ass, gouf eng substanziell Enquête vun der Police judiciaire an de Joren 2020, 2021 an 2022 gefouert fir Fäll vun Heescherei am Grupp, falschen Dokumenter, Déifstall, Bedrohungen a Bedruch, déi duerch Mannerjäreger begaange goufen.

Dës Enquête huet awer d'Limite vun den Enquête-Méiglechkeeten an dësem Ëmfeld gewisen, well se et net erlaabt huet, d'Hannermänner ze identifizéieren, trotz den sëllegen Demarchen, déi ënnerholl goufen, an enger Ufro fir eng europäesch Enquête opzemaachen, déi un déi auslännesch Justizautoritéite geriicht gouf.

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden